N°4568
Entrée le 03.09.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 4568 vum 4. August 2026 vun der honorabeler Deputéiert Diane Adehm zum Sujet « Prime informatique dans le secteur communal ».**

1. **Deelt den Här Minister d'Interpretatioun, datt d'Gemengen ënnert dem aktuelle gesetzlechen a reglementaresche Kader keng Prime informatique fir hir Mataarbechter kënnen aféieren?**

Den Artikel 22 vum ëmgeännerte Gesetz vum 24ten Dezember 1985 iwwer de Gemengebeamtestatut gesäit fir, dass d'Paie vun de Gemengebeamten iwwer Règlement grand-ducal fixéiert ginn. Dat betreffend ëmgeännerte Reglement vum 28te Juli 2017 gesäit verschidde Primme vir. Well de Gesetzgeber decidéiert huet, dass d'Remuneratioun vu Gemengebeamte per Règlement grand-ducal festgeluecht gëtt, hunn d'Gemengenautoritéite keng Kompetenz fir zousätzlech Primmen ze schafen.

2. **Wéi eng konkret Demarchë goufen zënter der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 2634 vum 7. August 2025 an dësem Dossier ënnerholl?**

Den Inneministère ass aktuell a Gespréicher matt de Sozialpartner aus dem Gemengesecteur betreffend verschidden Accessoires de Rémunération vum Gemengepersonal. Am Kader vun deenen Diskussioune kann d'Aféierung vun enger Prime à l'Informatique en Thema sinn.

3. **Schafft d'Regierung den Ament un engem Gesetzesprojet oder un enger Ännerung vun de bestoende Reglementer, fir eng ausdrécklech Grondlag fir d'Prime informatique am Gemengesecteur ze schafen?**

Ech verweisen op d'Äntwert zu der Fro 2.

4. **Gëtt et e konkrete Kalenner fir déi weider Aarbechten an dësem Dossier?**

Ech verweisen op d'Äntwert zu der Fro 2.

Lëtzebuerg, den 3. September 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN